# Wanderfrënn Bettendorf asbl

*Member vun der F.LM.P. am IVV zënter 1988*

**N° registre de commerce: F 220**

**Secrétariat :** **Georges KINTZIGER** **B.P. 94 L-9201 DIEKIRCH**
**Tél. +352 691 17 38 25** **Email: kintzro@pt.lu** **www.wf-bettendorf.lu**

**Comptes :** **BCEE IBAN LU31 0019 3000 1194 3000**

Léif Wanderfrënn !

**« Mam Bus**  **op de Marsch »** ass erëm ugesot. Mir fueren e **Samschdeg, 28. Oktober** an Däitschland bei de Veräin ĂSchnelle Füsse Koblenzñ op Winningen. Dëse Veräin war an de leschte Joren éfters bei eis zu Bettenduerf vertrueden. De Programm gesäit esou aus:

## Samschdeg, den 28. Oktober 2017

**07.00 Auer** **Depart zu Bettenduerf** virun der Gemeng
**07.30 Auer** **Depart zu Iechternach** op der Gare

Mir huelen och gäre Leit ewech op der Stréck tëscht Bettenduerf an Iechternach.

**09.30-10.00 Auer** **Arrivée zu Winningen**

**Spéitstens ëm 18.00 A**uer wëlle mer erëm **zréck zu Bettenduerf** sinn.

***Dës Rees kënne mer awer nëmme maachen, wa mer genuch Leit zesumme kréien. DôKäschte vum Bus a vum Startgeld gi vum Veräin iwwerholl.***

Wéi ëmmer, hätte mer gären datt Dir Iech sollt **umellen, an zwar bis spéitstens de Sonndeg, 15. Oktober** beim President Georges KINTZIGER um Telefon
691 17 38 25 **(GSM).**
**Mir hunn e Bus mat 34 Plazen. Nom 15. Oktober gi mir déi eventuell restlech Plaze fräi fir Leit aus anere Veräiner.**

Mir hoffen, mat Iech alleguerten erëm e flotten Dag ze verbréngen. Also, mellt Iech un a fuert mat.

Äre President